

GOTTESDIENSTORDNUNG

Sonntag, 26. Januar 1997
3. Sonntag im Jahreskreis

Table with church names and service times: Kathedrale, Eglise du Sacre-Coeur, Eglise St-Michel, Klosterkirche St. Alfons, Beggen, Belair, Bonneweg, Centre hospitalier Luxembourg, Cents, Cessingen, Christkönigkapelle, Clausen, Jommeldingen.

Table with church names and service times: Eich (Klinik), Eich (Pensionat), Gasperich, Glacis-Kapelle, Hamm, Hollerich, Klem, Kirchberg, Kloster der Dominikanerinnen, Pfarrei St. Joseph Limpertsberg, Merl, Monastere du Carmel, Mühlenbach, Neudorf, Pfaffenthal, Rollingergrund, Stadtgrund, Weimerskirch, Radiomesse.

Table for DEKANAT REMICH: Remich, Mondorf-les-Bains.

Table for DEKANAT MERSCH: Mersch.

Table for DEKANAT DIEKIRCH: Diekirch, Ettelbrück.

Table for DEKANAT ECHTERNACH: Echternach.

PAROISSE EUROPEENNE CATHOLIQUE, EGLISE ST-ALPHONSE - Saturday, 25/1/1997 - English Mass, 19 hours, POLSKA MISJA KATOLICKA LUXEMBOURG - Eglise Saint-Henri, 242, rue de Neudorf - 11.00: W pewnej intencji, INGELDORF - Eglise Saint-Celse - 11, rue de la Sûre - 15.30: Za zmarych - Jozefa Wiacka w 13-ta rocznice smierci, jego zone Helene i z rodzin Wiacko i Wojdow.

EGLISE ORTHODOXE-GRECQUE DE SAINTS-COME-ET-DAMIEN

EGLISE ORTHODOXE-RUSSE DE SAINTS-PIERRE-ET-PAUL

PROTESTANTISCHE GOTTESDIENSTE am Sonntag Septuagesimä, dem 26. Januar 1997

DREIFALTIGKEITSKIRCHE - Rue de la Congrégation - 10.00 Uhr, Gottesdienst in deutscher Sprache

EVANGELISCHE GEMEINDE DEUTSCHER SPRACHE IN LUXEMBOURG - Kirche - 10.00 Uhr - Gottesdienst mit Kindergottesdienst

NEDERLANDSE PROTESTANTSE GEMEENSCHAP - Ste-Sophie, Weimershof - Kerkdienst um 10.30 uur - Ds. A. Breukink

DEN DANSKE KIRKE I LUXEMBOURG - Dreifaltigkeitskirche, Rue de la Congrégation - 17.00 Uhr, Gottesdienst

PROTESTANTISCH-REFORMIERTE KIRCHE VON LUXEMBOURG H.B. - Konsistorialkirche in Esch/Alzette, 11, rue de la Libération - 10.00 Uhr Gottesdienst - 11.15 Uhr Kindergottesdienst

Weitere Auskünfte: Evangelischer Presse- und Informationsdienst - Tel. 54 03 45

ANGLICAN CHURCH KONVIKT CHAPEL: Sunday: 10.00: Holy Communion - 11.00: Holy Communion, Crèche, Junior Church and Sunday School

CENTRE CULTUREL ISLAMIQUE 2, route d'Arion L-8210 Mamer La prière du vendredi est célébrée chaque vendredi à 13.30 heures.

Eng KLACK fir eis SPROOCH

Merci, Madame Minister!

Am Dezember hate mir am Kulturministère e gutt Gespräch mam Här Conseiller Dockendorff iwuer en etlech Problemen, déi äis direkt an indirekt fir eis Sprooch um Häerz gelehn hun; mir haten och deemools ewell rieds iwuer déi „kraache Kar“ vun Dictionnaires-Geschicht... an den Här Dockendorff huet äis dun och stoessfous e Rendez-vous mat der Madame Erna Hennicot an d'Rei gemaach, dee mir elo den 8. Januar haten.

Gemeng, de Rodange-Frënn an der Actioun Lëtzebuergesch op dee richtige Leescht ze zéien. 3) De Minettsmann um Monument Dicks-Lentz (Pléssdarem) huet säi rietsen Aarm an d'Schlo verluer, an d'ganz Monument jäit no enger Restauratioun; dat op enger Plaz, wou all Tourist a jidfer Lëtzebuerg laanschteget, deen an d'Stad kënnt. Och hei steet d'Madame Hennicot mat hire Kreditter an Servicer richt, fir deër Saach „opzehëllefen“.

ACTIOUN LËTZEBUGESCH EIS SPROOCH Adressen: Bredewee, 21 L-1917 Lëtzebuerg Postkëscht 98 L-2010 Telephone 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89 Cotisatioun/Mëmbler: 500 Frang d'Jor Postcheck: 6644-48

typesch eiser Wiirder/Ausdréck

Fir eis Planzen- an Déierenemwelt ze versueren oder esouguer ze retten, hun déi verschidde Veräiner a Verwaltung richteg a wichteg Actiounen gestart (Natur-Musée, Vullefrënn, Déiereschutz, Gesichtsfrënn); hei si Leit um Schaffen, deenen eis Ëmwelt, eist Land a séng Geschicht, eis Natur an de Fong vun Liewe méi wichteg sin ewi blénkegt Geglënners a „plastiks“ Geräbbels. Datselwecht gëlt och fir eis Sprooch. Och fir si kënnte mir „gréng/rout Lëschte“ maachen a ganz Rëtsche vun Ausdréck „klasséieren“, esou wéi dat fir Gebaier, Gemaier a Landschafts-Strecher geschitt! An eiser „Klack“ hu mir dofir wëlles, all Kéier e Grapp eiser typescher Ausdréck ze bréngen, déi dir emol sollt probéieren an en däitsche Saz ze setzen... da kritt dir genee esou koppget a falscht Däitsch wéi „si“ op der Televisioun oder um Radio mat typeschen däitschen Ausdréck lächerlecht „Lëtzebuergesch“ knätzelen:

- een usichen
- eng umaachen
- deen as gutt geroden
- e gelungene Klautjen
- en ondugene Granzert
- e Plakapp
- sech gin
- sech eng gin
- ee bengelen
- eng setzen hun
- deslescht
- engem eppes verkrauden (geet weider...)

Nei Wiirder

An der Zäit huet emol ee behaupt, déi zwee leschter Wiirder, déi eis Sprooch gemaach hätt, dat wärend de „Fixspoun“ an de „Gromperekiewerlek“ (±1890). Dat as natirlech, a mat allem Respekt gesot, Kéis a Kabes. Eischtens mécht d'Sprooch selwer keng Wiirder oder Ausdréck; déi gi vun deene Leit gemaach, déi eng Sprooch schwätzen a schreiw... ower mir hun et e bëssen ze liicht mam Däitschen a Franséischen; dat as ganz sécher keng Doudsënn, ower hannerleschtgé Gëft fir eis Sprooch. Als Bewäis géint déi Behaupterei vun hei uewe bréng mir hei eng kleng Lëschte vu lëtzebuergesch Ausdréck, déi garantiéiert no 1920 a bis haut entstane sin. Si gufen aus engem Concours erausgeholl, deen den Al. Schmitz vu Gilsdrëf 1978 (!) bei äis gewonn hat:

- eng Neelpéetz (pince à ongles)
- e Knuppauto („scooter“)
- Pechpabeier („scotch“)
- eng Strémpbox (collant)
- en Tramsbus
- bäigoen, arennen
- en Zip (un truc/machin)
- eng Botzerei
- e Juppla
- eng Bensinspompel/-statioun
- e Stongelach (Geldschlitz/Automat)
- eng Juppebox (Hosenrock)
- eng Kursmaschinn (Rennwagen/-fahrrad)
- eng Tut (klaxon, Hupe)

asw. asw. ... Dir kennt deër neier Wiirder bestëmmt nach eng ganz Schwadrull; sot/schreift äis se fir an d'Klack. AL

d'trauernd Famill?

Bis elo huet et nach ëmmer geheescht, d'Famill wir „am Trauer“; hei as esouguer en typesche Fall, wou eis Sprooch de franséischen Hank huet („en deuil“); mir hun am Lëtzebuergesch nimm en puer a ganz rar Fall vun sougenannte „participe présent“, z. B. „kache(nd) Waasser“... mä an eiser Sprooch gët et kee „lafenden Hond, schreiende Journalist, friessende Wollf...“

Natirlech si mir frou, dat esou sëlliche Leit hir Annoncen op Lëtzebuergesch maachen, a mir hëllefge ganz gärg jidferengem, deen äis dofir brauch oder freet... mä, wannechglift, maacht aus der „Famill am Trauer“ keng „trauernd Famill“. P.W.

de Comité vun der „Actioun Lëtzebuergesch“ Bache Claude, Faber René, Friederich Jeanny, Reinhardt Jean-Paul, Roth Lex, Siuda Robert, Thill Milly a Roby Zenner Nächst Klack (30): 22. Februar 1997

Bim Zeches †



Du wars nët nëmmen e léiwe Mënsch; Du wars e Stuel vun engem Schoulmann, a mir traue fir Dech als grouss Frënd vun eiser Sprooch, dee sech 20 Jor laang mat Kënne an enormem Fläiss zu Walfer fir Auslänner-Couren am Lëtzebuergesch de beschten Numm gemaach huet, deen e Pädagog kann hun. Am Léierbuch fir Spidoools-personal, dat dëst Jor erauskënn, kriss Du eng Eiereplaz. Dénger Fra an Dénge Kanner soe mir eist éierlecht Bäileed, a mir versprechen, dat den

Numm Norbert Zeches an eiser Suerg a Saach fir d'Lëtzebuergesch eng gëlle Plaz kritt. LR

Näischt fir ongutt

Zënter e puer Méint fannt Dir op eisem Telephon 47 06 12, am Bureau vun der AL, d'Hëllef an d'Frëndlechkeet vun „eiser“ Madame Jeanny Friedrich. Si mécht déi administrativ Saach vun Sekretariat, an si as och

Comités-Mëmbler. An deër leschter Klack war dat äis an der Hoosslecht bei den Nimm duersch d'Latte gaussen... et as jo ower ni ze spéit, fir e krommen Nol ze richten. LR

Fir nozedenken

Dir wësst, an huet et all Dag méi anuecht, dat eis sprooch „bei de Leit dobaussen“ ewell eng Plaz huet, déi si ni hat: An der Press, um Bichermaart, op Plakaten an Invitatiounen, an allen Zorte vun Annoncen... dat as et ni gin! Ower huet Dir Iech och ewell gefrot, firwat dat ob eemol esou as? Et as guer nët „op eemol“ komm, et huet op d'mannst 25 Joer gedauert, bis „mir“ et esouwäit haten. Wa mir alleguer a mat Iech zesammen, eppes fir d'Lëtzebuergesch wëlle maachen, da geet dat am beschten, wa jidferree bei sech ufänkt, aplaz „déi vun der Sprooch“ mat allem

gewärden ze loossen. Kaaft Dir och alt emol e lëtzebuergesch Buch, fir Iech, fir Är Kanner, fir ze verschenken? Schreift Dir eng Kaart aus der Vakanz an eiser/Ärer Sprooch; maacht Dir dat och fir eng Entschëllegung fir mat an d'Schoul? Huet Dir Iech selwer, Är Kanner oder vläicht anerer alt emol (fein an héiflech) „erëm“, wa vun „Ameisen / Veilchen / Flieder...“ rieds geet? Eis Sprooch as eng Saach vun a fir äis all. Mir zéien de Jabel gär... ower hie rullt nëmmen esou, wéi jidferreen hëlleftr drécken! P.W.